



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

Luxembourg, le 18 JUIN 2019



Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, bd. F.-D. Roosevelt

L-2450 Luxembourg

Dossier suivi par:
Jérôme KRIER
☎ 247-84837

Ntr.réf.: 2019-778-Lies_RépMinTransmis_17-06-2019.doc/JK

Concerne: Question parlementaire n°778 du 12 juin 2019 posée par l'Honorable Député Marc LIES concernant le nouveau directeur du Fonds du Logement.

Monsieur le Ministre,

En réponse au courrier électronique du 13 juin 2019 en relation avec l'objet sous rubrique, j'ai l'honneur de vous transmettre en annexe à la présente ma réponse à ladite question parlementaire.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre au Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre du Logement

Sam TANSON

Äntwert vun der Madame Sam Tanson, Ministesch fir Wunnengsbau, op déi parlamentaresch Fro n°778 vum 12. Juni 2019 vum honorablen Deputéierte Marc LIES

A senger parlamentarescher Ufro wëllt den honorablen Deputéierte Marc Lies verschidden Informatiounen hunn iwwert de neien Direkter vum Fonds du Logement.

De Verwaltungsrat vum Fonds du Logement huet sech fir den Här Vandivinit als neien Direkter entscheet, nodeems dësen am Kader vun engem Selektiounsprozess, mat Hëllef vun engem externe Büro de Rekrutement, als dee Kandidat identifizéiert gouf, deem am Beschten gëeegent schéngt fir d'Erausforderungen am Fonds du Logement unzegoen.

Et ass korrekt dass den Här Vandivinit an der Equipe matgeschafft huet, déi den Audit organisationnel vum Fonds du Logement realiséiert huet. Dësen Audit huet virun allem d'Prozeduren an d'Fonctionnement vum Betriib analyséiert. Duerch dës Aarbecht huet hien natierlech e gutt Bild vun den Aufgaben, der Situatioun an den Erausforderungen vum Fonds du Logement kritt. D'Gesprécher déi de Büro de Rekrutement mat him gefouert huet hu gewisen dat hien de Betriib - an d'Welt vum soziale Wunnengsbau - duerch dës Experienz gutt kennt.

Den Här Vandivinit ass diploméierten Ökonom an huet zousätzlech e Master of Business Administration. Hien huet am Laf vu sengem Berufsliewen ënnerschiddlech Erfarungen kënne sammelen an europäeschen oder öffentlechen Entreprises. Den Här Vandivinit ass virun allem wéinst senger grousser Experienz am organisatoresche Beräich, senger Kompetenzen a senger Approche bezüglech dem Féieren vun Ekkippen a senger ausdrécklecher Motivatioun fir d'Aarbecht vum Fonds de Logement agestallt ginn.